

Péiteng, den 8te September 2020

All Commerce an der Gemeng Péiteng stäerken !

Wäert Dammen an Hären,

mir schreiwen Iech, fir Iech ze informéieren, datt de Gemengerot vu Péiteng den 13te Juli decidéiert huet zwou eenzelne Firmen hei an der Gemeng ze hëllefen, andeems se hinne vu Juli bis Dezember 2020 eng finanziell Hëllef a Form vun enger Reduktioun vum Loyer accordéiert huet.

Dës Firme hunn d'Chance hier Raimlechkeete vun der Gemeng Péiteng kënnen ze louhnen. Elo kommen zwou Firmen an de Profit vun enger Gesamtreduktioun vun insgesamt 4200,00€ (Munhowen) an 7200,00€ (Lux-Manes) vu Juli bis Dezember. Eng vun deenen zwou Firmen ass d'Firma Munhowen (2018: ronn 4 Milliounen Euro Profit, Maartundeel: 40%), also sécherlech kee kleng Betrib, mee am Konträr, eng vun de gréisste Firmen an där Branche.

Fannt Dir et als Geschäftsmann/fra fair, datt zwou Firmen vun der Gemeng subventionéiert ginn, während all déi aner eidel ausginn?

Mir net, well et sech an eisen Ae kloer ëm eng öffentlech Bähëllef handelt, déi nëmmen **zwou** vun der Gemeng auserwielten Entreprises zegutt kënn. D'Coronakris trëfft awer alleguerten d'Betribber an eiser Gemeng.

An der Sëtzung vum 3te Juli hunn d'Piraten dofir dem Gemengerot d'Propose gemaach, datt, wann déi zwee uewe genannte Betribber eng Hëllef kréien, datt dann all Betrib an der Gemeng dee nammlechte Montant un Hëllefen zegutt sollt kréien, well all Betribber an eiser Gemeng vun der Coronakris getraff goufen.



Sidd och Dir der Meenung, datt d'Gemeng, am Fall wou se deenen zwou Firmen hëlleft, och allen anere Firmen an der Gemeng eng Hëllef misst ginn? Falls dat zoutrëfft, dat mellt lech bei eis iwwer Telefon um 20 33 37 // via Mail op ahoi@piraten.lu // via Social Media.

Sollt d'CSV/LSAP-Majorität am Gemengerot de Courage hunn eis Demande unzehuelen, da wäert am nächste Gemengerot gestëmmt ginn, datt all Geschäft an eiser Gemeng mat engem fixe Montant ënnerstëtzt gëtt (ähnlech nom Modell vun der Stad Lëtzebuerg).

Mir wäerten eis fir eng fair Subventioun an der Gemeng Péiteng asetzen, déi ville Betriber zegutt kënnt.

Mat piratesche Gréiss,  
Piratepartei – Sektoun Péiteng

*Annexe : Resolutioun vun de Piraten an der Gemengerotssëtzung am Juli :*

\*\*\*

*De Péitenger Gemengerot,*

- *Averstane mat der besonnescher Situatioun, deenen Entreprises, déi während der Covid-19-Pandemie getraff goufen, finanziell ze ënnerstëtzen ;*
- *Feststellend, datt den Erlooss vum Loyer fir dës Geschäfte eng Form vu Bähëllef duerch eng öffentlech Institutioun (Gemeng) duerstelt, déi net op eenzel Entreprisë begrenzt dierfe gi mee mussen gerecht op all Entreprises an der selwechter Branche mussen verdeelt ginn,*

*Decidéiert,*

1. *datt all Entreprises an der selwechter Branche an der Gemeng Péiteng, deen nammlechte Montant un Hëllefeng zegutt kréien.*
2. *nach dëstem Joer eng entsprechend fair opgedeelten Hëllef fir d'Commercen an der Gemeng virzegesinn.*

\*\*\*



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)